N°3218
Entrée le 20.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.11.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

De CHEM (Centre Hospitalier Emile Mayrisch) ass ee vun de wichtegsten ëffentleche Spideeler am Land. Rezent krute Patienten d'Informatioun, dass et op kengem vun den 3 Sitte vum CHEM Terminer fir Echographien innerhalb vu manner wéi 6 Woche géif ginn. Dëst bedeit Waardezäite vu méi wéi 6 Wochen, wat bei enger diagnostescher Ënnersichung, déi potentiell vital ass, problematesch ka sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch iwwert dës laang Waardezäite fir Echographien am CHEM informéiert? Wéi beurteelt d'Ministesch dës Situatioun am Bezuch op d'Qualitéit vun der Versuergung an d'Patientesécherheet?

2. Wéi eng Grënn féieren zu dëse laange Waardezäite? Ass dëst e strukturelle Problem (z.B. Mangel u Personal oder Equipement) oder handelt et sech heibäi ëm eng temporär Situatioun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten